N°2962
Entrée le 30.09.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 01.10.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/09/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sport weiderzeleeden.**

Den 22. Mee 2025 goung eng Circulaire un d'Sportverbänn, déi am Kompetitiounssport aktiv sinn, fir dës a besonnesch hier affiliéiert Veräiner iwwert d'Modalitéite vum Subside de base an dem Subside qualité + fir d'Joer 2025 ze informéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wëssend dass, op den 31.12.2024 1087 Veräiner aus 52 Federatiounen eng Demande fir dës finanziell Ënnerstëtzung maache kënnen, wéi vill Demandë sinn op den Datum vum 30ten September 2025 am Sportsministère erakomm?

2. Wëssend dass den Delai laut entspriechendem groussherzoglechem Reglement fir esou eng Demande anzereechen den 30. September 2025 ofgelaf ass, huet de Minister déi betreffend Veräiner, déi bis zum 1te September nach keng Demande gemaach haten, dorunner erënnert?

3. Wäert de Sportminister, esou wéi schonn am Joer 2024, och eventuell dëst Joer dësen Delai, deen am groussherzogleche Reglement festgehalen ass, am Sënn vum Sport liicht no hanne réckelen?

4. Wou sinn d'Iwwerleeunge vun der am Regierungsprogramm ugekënnegter Reform vun dëse Subsiden un d'Sportveräiner drun, dëst zumools wou schonn am Januar 2024 Conclusiounen dozou am Conseil supérieur des Sports gezu gi waren?

5. An der Sitzung vun der Sportskommissioun vun der Chamber vum 24. Januar 2024 huet de Minister vun Abusen am Kontext vum Subsid Qualité + geschwat. Kann de Minister dëst verdéiwen a soe wéi hien eventuell dogéint well virgoen, och scho virum Akraafttriede vun der Reform?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten

Chambre des Députés